Hären, fir d'éischt e ganz grousse Merci un de Rapporteur, den Här Weiler, fir dëse mëndlechen a schréftleche Bericht.

Dëse Projet, wéi den Här Wohlfart gesot huet, ass eng Innovatioun. Et ass d'Kreatioun vun engem modernen Zentrum fir eeler Leit zu Ettelbréck, deen éischten an där Form, an ech muss hei dann dräi Méint virun de Wahlen awer der Regierung dës Kéier e Luef ausschwätzen, dass se op de Wee gaangen ass, fir esou een Zentrum fir eeler Leit ze kreéieren.

Wa mir elo queesch duerch d'Land ginn, an d'CIPA an aner Strukturen, déi elo bestinn, da gesi mir wéi déi eeler Persounen normalerweis op engem Stull do sëtzen, de Kapp hänke loossen, an et ass keen, dee sech mat hinne beschäftegt. Ech mengen, dat ass dat wat keng Persoun sech an deem Alter géif wënschen. Eng Persoun, déi schwéier geschafft huet, déi d'ganzt Liewen do war fir hir Famill, déi wëllt och an engem gewëssenen Alter vläicht nach gär e bësse Gesellschaft hunn. Wa se dann eleng gelooss gëtt, ass dat iergendwéi ze bedaueren an dat deet engem wéi am Häerz.

A grad mat dësem Projet versiche mer fir dat haut anescht ze maachen. Wat ech awer nach dozou wëll soen, dat ass, dass fréier d'Leit méi laang doheem bliwwe sinn; si haten hir Kanner an hir Kanneskanner, déi doheem waren a fir si gesuergt hunn. Dat war eng Satisfaktioun. Hautdësdags ass dat net méi esou wouer, well déi meescht Fraen a Mammen och nach dobausse schaffen, an dee Moment sinn déi eeler Leit awer op sech eleng gestallt.

Wat eng eeler Persoun brauch, ass eng effikass Compagnie. Mä wa keen do ass, da muss se eben dee Moment an eng Struktur goen, wou eng Compagnie garantéiert gëtt.

Wat och wichteg ze soen ass, ass de Fait vun der preventiver Medezin. Ech mengen, et ass ëmmer gutt, wann een al ass, wann ee keng Krankheet huet, egal wellech Krankheet: eng chronesch Krankheet, sief et Rheuma, sief et Parkinson. All chronesch Krankheet ass zevill, a mir mussen als Gesellschaft onbedéngt dofir suergen, dass mer d'Leit esou gesond hale wéi méiglech. Dofir mäin Appel un d'Regierung, awer dofir ze suergen, fir méi an d'Preventivmedezin ze investéieren. Wat mer méi an d'Preventivmedezin investéieren, wat mer sécherlech manner krank Leit wäerten hunn. Op jidde Fall wäerte mer eeler Leit hu mat méi Liewensqualitéit. Leit, déi keng Medikamenter brauchen, si besser drop wéi Leit, déi Medikamenter huelen.

Wichteg ass och ze wëssen, dass, wa mer esou en Zentrum kreéieren, mer dann och mussen eng pluridisziplinär Equipe hunn, spezialiséiert, forméiert Dokteren, Psychologen, Infirmièren. An och do een Appel un d'Regierung. Mir wësse wéi et momentan ass an de Spideeler, an de CIPAen, och an der Fleegeversécherung; do kommen d'Infirmièrë leider mat der Stoppauer a stoppen d'Zäit. An och dat dote musse mer onbedéngt aus der Gesellschaft eraushuelen. Mir mussen einfach méi Zäit hu fir déi eeler Leit, fir mat hinnen ze schwätzen. E Wuert adresséiert un eng eeler Persoun, dat kann hire ganzen Dag retten. Et brauch net vill ze sinn. An dofir, wann ech gelift, musse mir an déi Richtung goen, dass mer méi Personal an déi Strukturen do erakréien, a sief et och Personal, wat nëmmen zoustänneg ass fir mat de Leit ze schwätzen.

Wéi gesot, nach eng Kéier eise Luef fir dësen neie Projet. Éischtens, well do Leit opgeholl ginn, déi onofhängeg sinn. Zweetens, well do Leit opgeholl ginn, déi revalidéiert ginn. Drëttens, well eng Maison de soins fir gerontopsychiatresch Problemer kreéiert gëtt. Véiertens, well Persounen, déi dement sinn, och opgeholl ginn, an da fënneftens, well verschidden Therapien an de Vierdergrond gestallt ginn, wéi zum Beispill d'Musekstherapie. Ech ka mer och virstellen, dass do vläicht aner Therapië wéi Molen, Sophrologie a Sophrorelaxologie och hire Wee wäerte fannen.

Zum Schluss géif ech d'Regierung bieden, esou an där Richtung weiderzefueren. Dës Kéier si se um richtege Wee. An ech ginn hei den Accord vu menger Partei.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President. Ech wollt fir d'éischt virausschécken, dass ech elo bei dësem éischte Projet dann effektiv wäert zum éischte Projet schwätzen, mä datt ech duerno zu deenen dräi nächste Projeten zesumme wäert schwätzen, well ech och eng Rei vu méi allgemenge Considérationen hei nach wollt mat an d'Diskussioun bréngen, déi elo net onbedéngt nëmmen op een Altersheim géifen zoutreffen.

Elo dann awer, wéi gesot, zum Centre intégré, deen zu Ettelbréck soll entstoen. Do wéilt ech haaptsächlech net dat a Fro stellen, wat elo virdru gesot ginn ass, mä awer nach eng Kéier drop zréckkommen, dass et do um Niveau vum Gemengerot awer och zu gréisseren Diskussioune komm ass, wou déi Gréng awer och e bësse Problemer hate mat der Aart a Weis, wéi de Projet ofgewéckelt ginn ass.

Et war net esou, dass mir eis deemools géint eng Struktur fir eeler Matbiergerinnen a -bierger vun der Gemeng ausgeschwat hätten. Am Géigendeel, déi Gréng hu sech an der Vergaangenheet ëmmer dofir agesat, dass soll esou schnell wéi méiglech en Haus geschafe ginn, wat de Bedierfnisser vun de Seniore géif gerecht ginn. Déi Gréng hu sech och ëmmer erëm dofir agesat, dass sollt esou en CIPA zu Ettelbréck entstoen. 1998 ass do och e Kompromiss ënnerschriwwe ginn, deen der Gemeng Ettelbréck d'Méiglechkeet sollt ginn, e CIPA zum Deel op engem Statsgrondstéck opzeriichten.

Mir hunn awer du misse feststellen, oder eis Leit, déi zu Ettelbréck am Gemengerot sinn, dass an deene leschten zwee Joer kee Geld fir esou en Altersheim am Gemengebudget virgesi war. An ëmsou méi iwwerrascht ware se dunn och, wéi en neit Konzept vum Familljeministère op den Dësch komm ass, ouni datt eng inhaltlech Diskussioun mat de Gemengepolitiker a -politikerinne vun der Oppositioun gefouert gi wär.

Dann nach vläicht e puer Wuert zu deem Konzept, sou wéi et hei virläit. Dat huet véier Standbeener: Eng Eenheet fir psychiatresch dement Persounen, eng Eenheet fir Patientinnen a Patienten, déi eng zäitlech begrenzte Fleeg brauchen an eng Rehabilitatioun, eng Fleegëeenheet an e klassescht Altersheim. Ausserdeem goufen innerhalb vun deem Haus eng ganz Rei vun Therapieméiglechkeeten ugebueden - dat ass virdru schonn ugeklongen -, wat een natierlech nëmme ka begréissen.

Wann also vum Prinzip hier dat neit Konzept sécherlech e positiivt ass, esou hält sech d'Begeeschterung dach awer a Grenzen, besonnesch well dës nei Struktur soll duerch de Verwaltungsrot vum CHNP bedriwwe ginn. De Schäfferot war och ganz entschloss fir dee Projet duerchzeboxen an huet e ganz schnell virugedriwwen. Et war awer esou, dass et eng Resolutioun ginn ass, an där ganz kloer dra stoung, dass d'Gemeng sech mat 20% u 45 Better bedeelegt an net am Verwaltungsrot vum Établissement public, deen souwuel Bauhär wéi och Bedreiwer vum Haus ass, vertrueede wär.

Wien dësen Établissement public ass, dat ass jo elo dann och ganz kloer: Et ass den CHNP. Do hunn déi Gréng dann awer Froen opzewerfen a si maache sech eben och ganz spezifesch zu Ettelbréck Suergen drëm, dass d'Qualitéit vun der Infrastruktur doméinst kënnt leiden. Si hunn och am Gemengerot ni ganz kloer Äntwerte krut an hunn och bedauert, dass se d'Méiglechkeet net hate fir do déi Diskussioun ze féieren. Dat wär jo am Fong nëmmen am Sënn vun där beschtméiglecher Qualitéit vu Fleeg a vun Encadrement vun eelere Leit gewiescht…

(Coups de cloche de la Présidence)

…a wär sécherlech eng sënnvoll Saach gewiescht.

Här President, an dëser Infrastruktur sinn dann och Better virgesi fir Palliativmedezin, well vill Leit natierlech Angscht hu fir an deene klassesche Strukturen op hiren Doud an hiert Stierwen zouzegoen. Esou Zëmmeren - oder d'Konzept dovunner - sinn awer mëttlerweil schonn erëm eng Kéier vereelst. Den Trend geet ganz kloer zum Abanne vun der Famill an d'Stierfbegleedung an do kann ee sech dann d'Fro stellen, wéi dat an engem Zëmmer mat méi Better soll méiglech sinn.

D'Liewensqualitéit vun ale Leit reduzéiert sech, zemools wa se krank gi respektiv wa se méi schwaach ginn, zu engem groussen Deel op gutt lessen. Wann awer den CHNP dëst Haus wäert bedreiwen, da wäerten d'Pensionären duerch d'Sodexho bekäschtegt ginn, déi momentan eng grouss Kichen op dem Grondbesëtz vum CHNP opgeriicht huet an déi dann eben och wäert zum Asaz kommen. Et liest ee jo och am Text vum Projet de loi, dass d'lesse soll ugeliwwert ginn - iwwregens och eppes, wat mer bei anere Projeten ëmmer erëm scho monéiert hunn, a wou ee sech wierklech d'Fro ka stellen, ob dat sënnvoll ass.

E weidere wichtege Punkt, firwat déi Gréng dee Projet hei net esou kënne matdroen, läit doranner, dass der Gemeng nëmme 45 Better zur Verfügung stinn. Déi Gréng sinn der Meenung, dass dës reduzéiert Bettenzuel der Gemeng Ettelbréck net gerecht gëtt an dass hei d'Gemeng fir Zwecker vum CHNP mëssbraucht gëtt. Den aktuelle Schäfferot wëllt hei eng Alibistruktur schafe mat méiglechst gerénge Käschten an e schéngt dann och op d'Versteesdemech vun der Regierung gestouss ze sinn.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-* Mir sinn awer hei net am Ettelbrécker Gemengerot!

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG).-* Ech weess dat.

(Interruptions)

Här President, ech hunn elo hei eng Remarque vun der Ministesch gemaach krut. Ech weess, dass mir hei net am Ettelbrécker Gemengerot sinn, mä et ass awer en Thema, deen do diskutéiert ginn ass a wou manifestement déi Diskussioune sech net esou positiv an deem Gesetzesprojet, dee mer hei virleien hunn, niddergeschloen hunn. Dofir, mengen ech, soll een déi Kritiken och hei nach eng Kéier opwerfen an dat wäert och erkläre, firwat mer eis bei dësem Projet wäerten enthalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Domadder wär d'Diskussioun vun deem Projet ofgeschloss a mir géingen dann zum nächste Projet iwwergoen. Et ass ofgemaach, dass déi véier Projete matenee behandelt ginn, an zum Schluss d'Lecture vun den Artikele gemaach an dann noeneen ofgestëmmt gëtt.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5218 iwwert de Bau vun engem Altersheim zu Gréiwemaacher. Et si schonn agedroen: den Här Scheuer, d'Madame Nagel, den Här Mehlen an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

3. 5218 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Grevenmacher

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Marie-Josée Frank *(CSV), rapportrice.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojet ass e wichtege Gesetzesprojet fir déi eeler Leit vun der Stad Maacher an hirer Regioun. Dëse Gesetzesprojet, deen dem Stat et erlaabt, den Opbau vun engem Centre intégré fir eeler Leit matzefinanzéieren, dréit der demographescher Evolutioun vun eiser Gesellschaft Rechnung. Véier Projete leien haut zur Ofstëmmung hei an der Chamber vir. An all dëse Projete spigelt sech de Wëlle vun eiser Regierung a virun allem vun eiser Familljeministesch erëm, fir op d'Besoinë vun eisen eelere Matmënschen anzegoen.

Et kann een net vun der Betreiung vun den eelere Leit vu Maacher schwätzen ouni e puer Wierder iwwert déi wäertvoll Sozialaarbecht vun de Franziskanerschwësteren ze verléieren, déi zënter 1869 an der Stad Maacher aktiv waren. Wann hir Opmierksamkeet an d'Aarbecht am Ufank de Weesekanner gegollt huet, sou huet sech villes am Laf vun de Jorzéngte geännert. Franziskanerschwësteren hu sech am Laf vun der Zäit ëm d'Erzéiung vun de Kanner mat der Schafung vun enger Privatschoul, ëm d'Fleeg vun de Kranke mat dem Opbau vun engem Spidol gekëmmert, an och am ambulante Service ware se täteg, bis hin zur Betreiung vun eelere Leit.

Nodeems d'Spidol zu Maacher zougemaach ginn ass, waren d'Schwësteren nëmme méi am Beräich vum Drëtten Alter a besonnesch vun der Fleeg vun eisen eelere Matmënschen zu Gréiwemaacher an Ëmgéigend täteg. Ech sinn immens frou, Rapportrice vum virleiende Projet ze sinn, well ech hunn am Spidol zu Maacher meng éischt Experienzen als diploméiert Infirmière gemaach an hu vill Erënnerungen u krank Leit aus der Muselregioun, déi ech gefleegt hunn, un d'Dokteren an un d'Personal, mat deenen ech do zesummegeschafft hunn.

(Interruptions diverses)

Dëse Projet huet eng laang Virgeschicht. Eng éischt Konventioun tëschent dem Stat an dem Uerder vun de Franziskanerinne mam Objet, deen deemools bestehende Centre intégré um Site vum ale Spidol vu Gréiwemaacher auszebauen an ze moderniséieren, gouf den 30. Mee 1996 ënnerschriwwen. Déi finanziell Partizipatioun vum Stat zu dësem Projet gouf am Kader vun engem Spezialgesetz vum 8. September 1998 festgehalen. Deen deemolege Rapporteur war den Norbert Konter, a mäi Fraktiounskolleeg Nicolas Strotz huet deemools hei an der Chamber den Här Konter ersat.

An enger éischter Phas sinn aacht Zëmmeren op dem Site vum ale Wäschhaus ageriicht ginn an d'Klinik ass ofgerappt ginn. Mä d'Aarbechte konnten net weidergefouert ginn, well deen neie Schäfferot vu Maacher am Joer 2000 d'Baugenehmegung refuséiert hat, nodeems de Stadentwécklungsplang erstallt ginn ass an d'Commission des hommes de l'art vu Maacher der Meenung war, dass den Opbau vum geplangte Projet net mat der Infrastruktur vun der Stad an Aklang ze brénge wär. Dunn huet d'Kongregatioun mat der Familljeministesch missen en neie Site fannen, mä ausserhalb vun de Stadmaueren.

Eng nei Konventioun tëschent dem Stat an der Kongregatioun ass da schlussendlech den 21. März 2002 ënnerschriwwe ginn, nodeems en neien, dat heescht den aktuelle Site fir de CIPA zréckbehale ginn ass, an dat an der Rue des Tanneurs zu Maacher. Et geet aus deem ervir, dass d'Gesetz vum 8. September 1998, vun deem ech virdru geschwat hunn, keen Objet méi huet an och am Kader vum virleiende Gesetzesprojet wäert abrogéiert ginn.

Ech wéilt e puer Punkte vum Projet ervirhiewen, déi mer besonnesch wichteg sinn. Am neie Centre intégré sollen 107 Zëmmeren op dräi Stäck kommen, dovunner sollen der siwen vum Rez-de-jardin fir onheelbar krank Leit reservéiert ginn, also als Unité de fin de vie. D'Zëmmeren um Rez-de-jardin hunn eng direkt Vue op de Park. Et schéngt mer wichteg, dass dës Zëmmere fir déi onheelbar krank Leit reservéiert ginn. Si sollen déi lescht Momenter vun hirem Liewen an engem agreabelen Ëmfeld verbréngen. An dëser Unitéit ass och e Séjour virgesinn an e Raum fir d'Famill ze encadréieren.

Déi aner 100 Zëmmere befanne sech um éischten, zweeten an drëtte Stack a si geduecht fir souwuel valid Leit, dat heescht Leit an engem gudden oder zefridde stellende physeschen oder psychesche Gesondheetszoustand, opzehuelen, mä och Pensionären, déi manner gutt sinn, dat heescht déi net méi valid sinn oder dement sinn, dat heescht eng liicht respektiv avancéiert Demenz hunn. Zéng Gruppe mat siwe Validéitsgrader kënnen hei besser no individuelle Besoinë betreit ginn.

D'Tatsaach dass een ufänkt méi systematesch Unités de fin de vie net nëmmen an de Spideeler, mä och an den Altersheimer ze schafen, ass e kloert Zeechen, dass sech am Beräich vun der Palliativmedezin munches gedoen huet. Ech mengen, d'Gebailechkeeten ass dat eent, an dat Personal, wat dodra schafft, dat ass dat anert, an dofir ass et ganz wichteg, dass d'Personal, wat do schafft, och déi adäquat Formatioun huet fir Soins palliatifs kënnen ze maachen. Dofir mengen ech, dass ee muss nodenke fir an d'Initialformatioun vun den Infirmièren d'Soins palliatifs mat anzebannen.

Ech begréissen, dass d'Regierung Mëtt Februar, knapp e puer Méint no der Orientéierungsdebatt iwwert d'Palliativmedezin, e Projet iwwert d'Soins palliatifs deponéiert huet, dee mir muer an den zoustännege Kommissioune vun der Santé a vun der Ethik virgestallt kréien an deen do analyséiert gëtt. D'Erriichtung vu Palliativunitéiten am Kader vun engem Centre intégré ass och an deem Sënn begréissenswäert, well een domadder alle Besoinë vun deenen eelere Leit Rechnung dréit.

Eeler Leit, déi net méi wëllen oder net méi kënnen eleng liewen oder bei der Famill bleiwen, wëssen, dass se, wa se an dësem Centre ugeholl ginn, deen iwwert eng Unité de soins de fin de vie verfügt, och kënnen déi lescht méi schwéier Momenter vun hirem Liewen do verbréngen an net brauchen an d'Spidol transportéiert ze ginn, well wie wëllt scho seng lescht Stonne vum Liewen an engem Spidol verbréngen? D'Unités de soins de fin de vie sollen an al-

len Alters- a Fleegeheimer eng Selbstverständlechkeet ginn; dat ass mäi Wonsch an och sécherlech dee vun der Familljeministesch.

Den Accueil gérontologique setzt net nëmmen op d'Fleeg vun de Pensionären oder d'Ënnerstëtzung vun deenen eelere Leit am Alldag, mä och op d'Promotioun vun deenen individuelle Kompetenzen, wat virdru scho vun alle Virriedner och ugeschwat ginn ass. Et ass wichteg, d'Onofhängegkeet vun eisen eelere Leit ze förderen iwwert de Wee vun Atelieren, vu Sport- a Konschtaktivitéiten.

Dee virleiende Projet leet och ganz vill Wäert op den ökologeschen Aspekt. Dat ass e weidere Punkt vum Projet deen ech ervirhiewe wëll. Sou zum Beispill gëtt d'Energie vun enger Cogénératiounszentral, déi d'Gemeng Maacher op den Terrain vun der Kongregatioun wäert leeën, assuréiert. D'Gestioun vun der Energie wäert och maximal rationaliséiert ginn, wat fir een effektiven, méi ëmweltfrëndlechen, passiven Energieverbrauch steet. Et ass vill Wäert op déi praktesch Dispositioun vun den öffentlechen oder gemeinsame Raimlechkeete wéi dem Restaurant geluecht ginn, déi dann deem Rechnung dréit, dass all déi Zëmmere Richtung Süde leien.

Dann e puer Wierder zur Finanzéierung vum Centre intégré. De Stat dréit 80% vun de Käschten, déi sech op ronn 22,47 Milliounen Euro belafen, wat ronn 17,9 Milliounen Euro wäert ausmaachen, wann ee sech op dee leschtbekannten Index bezitt. Déi aner 20% vun de Käschte gi vun der Kongregatioun a vun deene Gemenge gedroen, déi sech hei akaaft hunn. Eng Bemierkung wat d'staatlech Partizipatioun ugeet: De Stat an d'Kongregatioun vun de Franziskanerinnen hunn den 10. Dezember 2003 en Avenant zu der initialer Konventioun ënnerschriwwen, d'Konventioun, déi den 21. März 2002 an net - wéi et am Rapport steet - 2003 vun de Parteien ënnerschriwwe gouf a vum Regierungsrot de 7. Februar 2003 approuvéiert ginn ass.

An dësem Avenant ass eng staatlech Partizipatioun op Basis vun enger Valeur indiciaire zréckbehale ginn, wéi déi, déi am Kader vun der Konventioun festgehale ginn ass. De Statsrot, dee sech iwwert dës Virgoensweis perplex gewisen huet, huet a sengem Avis vum 27. Januar 2004 gemengt, et misst een de Montant vun der staatlecher Partizipatioun am Kader vum Artikel 2 vum Projet deementspriechend réévaluéieren. D'Familljekommissioun huet dës Approche vum Statsrot gedeelt an doropshin den Artikel 2 geännert.

Wat d'Realisatiounsdélaien ugeet, weist de Statsrot am Kader vun dësem Projet, wéi och schonns am Kader vum Projet iwwert den Ettelbrécker CIPA, dee mäi Fraktiounskolleeg, den Här Lucien Weiler, virgedroen hat, op déi eventuell Schwieregkeeten hin, déi kënnten entstoe wann d'Aarbechten net zur Zäit ofgeschloss wären. Ech erënneren drun, dass de Punkt B vum Artikel 12 aus dem Gesetz vum 30. Juni 2003 iwwert d'Marchés publics virgesäit, dass d'Dauer vum Ofkommen net dräi Budgetsexercicer dierf iwwerschreiden.

D'Kommissioun huet décidéiert, wéi scho beim Projet 5189 vu virdrun, de Gesetzesprojet ënnert der Form vun engem neien Artikel 5 ze amendéieren, en Artikel dee virgesäit, datt d'Aarbechten net brauchen no dräi Exercicer ofgeschloss ze sinn.

Erlaabt mer zum Schluss nach eng kleng Bemierkung. Zur Zäit ginn um Site Ausgruewunge gemaach. Et sollen Iwwerreschter vun enger aler Kierch respektiv enger Kapell fonnt gi sinn. No Aussoe vu „Sites et Monuments" sollen deenen awer keen historesche Wäert zougesprach ginn. Ech hoffen, datt dëse Projet net verzögert gëtt, well dat wär ganz schlëmm fir d'Stad Maacher an hir Regioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Politik vum Drëtten Alter, déi sech weise léisst, ass eng Politik, déi och den Usprëch vun eisen eelere Leit - an ech betounen - an eiser Regioun Rechnung dréit. Fir de Kanton Maacher ass dëse Projet immens wichteg. En dréit zur Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun eisen eelere Matbierger bäi. Ech hoffen dowéinst, datt dëse Projet schnellstméiglech ka realiséiert ginn. Ech géif dofir am Numm vun der Familljekommissioun bieden, dëse Projet eestëmmeg unzehuelen, an ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Centre intégré vu Gréiwemaacher huet e Schicksal, wat net vill Centres intégrés hunn an och kréie wäerten. E sollt schonn eng Kéier gebaut ginn. Et ass e Projet de loi gestëmmt ginn. Et war eng Konventioun virdrun ofgeschloss ginn, am Joer 1996 schonn, an dunn ass dee Projet net exekutéiert ginn.

Ech sinn der Meenung, datt een d'Madame Minister an d'Kongregatioun vun de Franziskanerinnen, awer och de Maacher Schäffen- a Gemengerot soll félicitéiere fir dat wat se gemaach hunn.

Mir hunn objektiv gesi wierklech Zäit verluer, mä dee Projet u sech, deen huet gewonnen duerch dat wat elo geschitt ass. Wann een zréckkuckt wat deemools virgesi war, ech wëll net méi op den Detail agoen, da war dat eng Transformatioun vun deem ale Maacher Spidol. An dat aalt Maacher Spidol, dat ass jo, wéi d'Madame Rapportrice dat gesot huet, e ganz eegenaartege Bau gewiescht, deen an de Stadmauere louch. Ech ka mech net méi esou genau un de Projet erënneren. Ech wollt och net e Verglach maachen, mä dee Projet, deen ass hei esou séiss-sauer diskutéiert ginn an der Chamber, well ee wosst, datt en net optimal wär.

D'Stad Maacher huet dunn e Bebauungsplang an e Stadentwécklungsplang maache gelooss, an am Kader vun deenen Iwwerleeungen ass dann och deen Terrain fonnt ginn, wou elo deen Neibau opgeriicht gëtt. Dat aalt Spidol war eng Institutioun, wou eng Serie vu Leit aus der Géigend behandelt gi sinn a sech hu misse behandele loossen ënner Konditiounen, déi een normalerweis net vergësst. Duerno ass et eng Zort Altersheim ginn an elo kritt et dann nei Funktiounen.

Awer deen neie CIPA, dee gëtt gebaut no deene modernste Kritären. 107 Better kommen dohinner. Laut Gesetz sollen 22,5 Milliounen Euro dran investéiert ginn. De Stat participéiert mat 80%. 20% gi vun der Kongregatioun vun de Franziskanerinne gedroen. Dat ënnerscheet sech also och däitlech vun anere Centres intégrés, wou d'Gemeng oder d'Gemenge mat 20% derbäi sinn. Ze begréissen ass och, datt de Statsrot seng Funktioun geltend gemaach huet fir op verschidde Problemer hinzeweisen. Fir d'éischt, datt dee richtegen Index sollt agesat ginn an d'Gesetz. Dann huet de Statsrot awer och op e Problem higewisen, dee bestëmmt nach bei munche Statsprojeten an och bei munche Gemengeprojete Schwieregkeete wäert maachen, nämlech d'Dauer, d'Gëltegkeet vun de Marchés publics. Déi zwee Joer, Madame Rapporteur, déi do ageschriwwe sinn, déi kënnen an deene meeschte Fäll net agehale ginn. An dësem Fall hu mer dann am Gesetz deem Rechnung gedroen an dëse Projet leeft also iwwer dräi Exercicen.

Begréissenswäert ass och, datt allen ekologesche Kritäre Rechnung gedroe ginn ass. Och dat wär op deem ale Site net de Fall gewiescht. A wierklech ze begréissen ass och, datt eng Zort Palliativstatioun dohinner kënnt, déi ënner optimale Konditiounen do ageriicht gi kann.

Dee CIPA vu Maacher ass e Maillon an enger Kette vun Alters- a Fleegeheimer, déi vun der Musel erof bis d'Sauer erop existéieren. Ech huelen der nëmmen e puer eraus, déi an deene leschten zéng Joer gebaut respektiv nei gemaach gi sinn: Réimech; elo kréie mer da Gréiwemaacher; mir hu Waasserbëlleg mat engem komplett neie Gebai; mir hunn zu Iechternach dräi Centres intégrés an nach e véiert privat derbäi; mir hu Berbuerg; mir hu Jonglënster, an et ginn och nach aner Privatinstitutiounen zu Konsdref zum Beispill.

Dat féiert zur Iwwerleeung, datt d'Leit vun der Musel an der Sauer elo, wa se scho keng Spidolinfrastrukture méi hunn - déi si jo alleguerten ewech gefall, déi puer déi existéiert hunn -, op d'mannst Infrastrukturen hunn, wou se hiren alen Dag kënne verbréngen. Et ass duerchweegs eng Populatioun, déi op d'mannst esou äerdgebonnen ass wéi d'Leit aus dem Éislek, an déi Leit si ganz schwéier ze verplanzen. De Miseler bleift gär un der Musel an dee vun der Sauer bleift gär un der Sauer. Domadder gëtt den Dépaysement ebe méi kleng. An de Centre intégré vu Gréiwemaacher, deen ass och nach agebonnen an déi Stad, wat en netten Avantage ass. Déi eeler Leit - déi Erfahrung maache mer ëmmer - fanne sech am wuelsten do, wou se net ofgeschnidde si vum Geschäftsliewen, vum gesellschaftleche Liewen, do wou se sech kënnen an d'Stad bewegen ouni gréisser Schwieregkeeten a wou se kënne Kontakt hale mam öffentleche Liewen. Dat ass zu Maacher garantéiert.

Ech mengen, déi Décisioun, déi am Joer 2000 geholl ginn ass am Maacher Schäfferot, an domadder dann och am Maacher Gemengerot, war eng gutt Décisioun. E bëssselchen Zäit hu mer verluer, mä d'Endresultat wäert garantéiert deene Leit, déi an dee CIPA kommen, zegutt kommen. Mir stëmmen natierlech dëse Projet och.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en héichmoderne Bau mat enger Infrastruktur, déi hiresgläiche sicht, sollt deen neie Centre intégré pour personnes âgées zu Maacher ginn. A Maacher, wéi meng Kolleegin Agny Durdu elo éineschters gesot huet vum Norden, läit bekanntlecherweis am Osten, Madame Minister. Och den Osten ass frou, datt dat hei e Projet gëtt, dee sech och ganz flott wäert do ënnen an deen Eck integréieren.

(Interruptions)

Voilà, an dat wollt ech soen. Haut gesi mer un deene Projeten, wéi gerecht eis Ministesch och déi Projeten am ganze Land verdeelt.

Komfortabel, altersugepasst a mënschlech an allen Hinsichten, esou soll deen neie Projet ginn. An de Programm vun dësem Bau entsprécht also voll a ganz den Intentioune vun der jëtzeger Regierung, wat den nationale Programm fir eeler Leit ugeet, an zwar eng permanent intensiv Entwécklung vun alle Méiglechkeeten, fir de gewënschte Maintien à domicile vun enger eelerer Persoun esou laang wéi méiglech ze garantéieren. Parallell zu dëse Mesurë sinn eng Rei vun Initiativen ergraff gi fir bestoend Zentren ze renovéieren an ze moderniséieren, mä awer och fir d'Unzuel vun den Zëmmeren oder vun de Wunnenge substanziell ze augmentéieren. Mir als DP ware bereet fir dëse Programm ze ënnerstëtzen a sinn der Meenung, dass och an Zukunft esou Initiativë musse vum Stat mat gedroe ginn.

Den Objet vun dësem Gesetz läit op där Linn, an zwar de Stat ze autoriséieren, sech um Finanzement vum Bau vun dësem CIPA zu Maacher zu 80% ze bedeelegen, wat 17.976.000 Euro ausmécht; d'Participatioun un deenen 20%, déi Rescht bleiwen, gëtt vun der Kongregatioun gedroen.

No dësem Vote vun haut ass also déi legal Basis geschafen an de Finanzement ass ofgeséchert. De Problem, dee sech elo nach wäert stellen, ass méi ee prakteschen, an zwar betrëfft en d'Prozedur vum PAP, virun allem den Avis vun der Commission d'aménagement aus dem Intérieur, dee säit Méint op sech waarde léisst, fir datt d'Gemeng Maacher an d'Approbatiounsphas ka goen.

Déi aktuell Gemengenautoritéite sti wohlwollend an äusserst positiv zu deem heite Projet, a si hunn zesumme mat deenen néidege Fachleit fir ee PAP optéiert, deen net wéi 1996 um Site vun där aler Klinik mat Altersheim virgesi war a wou d'Envergure vum Gebai incompabitel mam Environnement architectural vun der aler Stad gewiescht wär, mä fir e PAP, deen e flotte moderne Projet matsen op enger grénger Wiss an der Rue des Tanneurs no beim Stadskär zouléisst. An ech géing Iech, Madame Minister, bieden, bei Ärem Kolleeg dem Innenminister, dem Här Wolter, ze intervenéieren, dass deen Avis vun der Kommissioun esou séier wéi méiglech kënnt gemaach ginn an dass d'Gemeng Maacher kënnt och d'Prozedur parallell mat dem Vote vun dësem Gesetz an den nächste Méint ufänken.

Déi eeler Pensionnairë wäerte sech also an deem neien Zenter wuel fillen, an egal wéi den Onofhängegkeetsgrad vun enger Persoun ass an dësem Zenter, mat deenen, wéi schonn elo puermol ernimmt ginn ass, 107 Zëmmer, wäerten se doudsécher würdeg emfaangen a behandelt ginn.

Ech wëllt ofschléissen andeems ech den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombera agedroen. Den Här Colombera huet d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ersetzen hei de Kolleeg Roby Mehlen. Ech wëllt da fir d'éischt a sengem Numm der Madame Rapportrice Marie-Josée Frank merci soe fir hiren Engagement. Si huet dat ganz excellent bruecht als fréier Infirmière. Si huet dat op eng ganz gutt Aart a Weis presentéiert an et huet ee gespuert, dass hiert Häerz op der richteger Plaz schléit. An dofir nach eng Kéier eist Kompliment un d'Madame Rapportrice.

Mir ginn natierlech den Accord zu dësem Gesetzesprojet. Ech hätt awer nach eng Fro un d'Madame Familljeministesch ze stellen. An deem Projet gëtt geschwat vun 107 Zëmmeren, déi an zéng Gruppe gedeelt ginn, an zwar gëtt et do déi verschiddenst Stadiume vun der Validitéit, dat heescht siwe Stadiume vu Leit, déi éischtens nach selwer kënnen hir Décisioun treffen, bis zu deene Leit, wou zum Schluss näischt méi geet, wou dann d'Palliativmedezin muss ugewant ginn.

Do steet da geschriwwen:„Cette répartition permet de prendre en compte par un aménagement adapté les besoins spécifiques de chaque stade». Or, mir hu virdrun an deem Projet vun Ettelbréck geschwat vu spezifesche Servicer, déi da verschidde Spezifissitéite wéi d'Psychomotricitéit, d'Museksthérapie, d'Relaxatioun oder de Memotraining géife mat abegräifen.

Do wollt ech d'Madame Ministesch froen: Gëtt esou e Programm och an deem CIPA hei ugewant oder net? Wa jo, da si mer natierlech duebel esou frou. Wann net, wat ass dann do d'Brems fir dat anzeféieren?

Dat gesot, ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Als nächst Diskussiounsriednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President. Wéi virdrun ugekënnegt, wëll ech elo e puer méi allgemeng Iwwerleeunge lassginn, déi sech eigentlech op all Projetë bezéie mat deene mir haut ze dinn hunn. An ech wëllt do fir d'éischt op den Thema Architektur erëm eng Kéier zréckkommen, deen ech scho bei aneren Altersheimer hei opgeworf hunn.

Dat Konzept, wat mir eigentlech hei duerchgängeg virfannen, ass dat fir an engem Gebai oder zumindest an engem Projet deene verschiddene Spezifissitéiten an och vläicht Stadie vum al gi Rechnung ze droen. Dat kann ee sécherlech an deem Sënn begréissen, dass vläicht eng gewësse Ghettoiséierung, wéi se fréier geherrscht huet, dann net esou géif antrieden. Et kann ee sech awer ëmgedréint och d'Fro stellen, ob Leit, déi eigentlech geeschteg a physesch nach topfit sinn, sech kënnen a Strukturen erëmfannen, déi awer ganz staark u Kliniken erukommen. An dat trëfft eigentlech fir déi meescht vun deene Projeten zou. Zwee dovunner si jo och esouguer fréier Kliniken.

Eiser Meenung no ass Alter keng Krankheet, et ass e Stadium vu Liewen, wou ee vläicht méi spezifesch Bedürfnisser huet, an deene sollt een dann och um Niveau vun der Architektur Rechnung droen. Sécherlech gëtt et déi Fäll, wou Revalidatioun, respektiv Soinen néideg sinn, mä et gëtt eben och nach e ganzen Deel vun der eelerer Bevölkerung, dee vläicht net méi wëllt an engem Haus, wat ëmmer méi eidel gëtt, eleng wunnen, mä deen awer och net onbedéngt d'Bedürfnis huet, schonn an en Altersheim ze goen.

Dofir soll eiser Meenung no d'Architektur och net klinikméisseg sinn. Dat trëfft esouwuel op d'Gréisst vun den Altersheimer zou, wéi och op d'Unzuel vu Pensionnairen, mat deenen hei gerechent gëtt. Ech hu mer déi Projeten nach eng Kéier ugekuckt. Do ass eigentlech keen dobäi, wou d'Zuel vun den Zëmmeren ënner 100 läit, wat menger Meenung no et scho schwiereg mécht, fir do e bëssen eng Atmosphär vun Normalitéit a vu Liewen, wéi een et virdrun hat, ka geschafe ginn.

Deen zweete Punkt, dat ass d'Dispositioun. All déi Leit, déi déi fréier zwou Kliniken, Sacré-Coeur an d'Elisabetheklinik kennen, wëssen, dass et do wahrscheinlech schonn net ganz vill aneschters méiglech ass, wéi een Zëmmer niewent deem aneren an e laange Gank, a wann ee sech d'Pläng ukuckt, wéi mir se an deene Projets de loi hei virleien hunn, dann ass et och tatsächlech dat, wat erëm eng Kéier proposéiert gëtt. An ech wëll lech just drop opmierksam maachen, dass et do awer nei Entwécklungen am Ausland gëtt wat altengerecht Wunne betrëfft, an ee Beispill wollt ech hei emol eng Kéier kuerz virstellen. Dat ass zu Wusterhausen - ech muss soen, ech weess selwer net esou genau wou dat läit, et läit a Brandenburg, mä méi kann ech lech awer dozou net soen -…

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-* Da kënne mer jo emol eng Kéier dohinner kucke goen.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Majo, ganz gären. Et ass dat wat ech wollt am Uschloss un déi Presentatioun hei virschloen. Dir gräift mer do einfach vir, mä op alle Fall kann ech dat herno och ronderëm goe loossen, well ech dat fir en interessante Projet halen. Deen ass an engem Quartier ugeluecht, deen aus den 30er Joren ass, an et handelt sech ëm e Projet mat 30 Een- respektiv Zweezëmmerwunnengen. Dat heescht, et si kleng Studioen, an dee Projet ass, wéi gesot an engem Quartier, huet awer e klenge Bannenhaff, esou dass d'Leit hir Rou do kënne fannen, a gläichzäiteg awer de Bezuch zur Noperschaft bestoe bleift.

En plus, vu dass jo dann ëmmer gesot gëtt, esou Projete ginn immens deier, gëtt hei geschriwwen, dass en och dem Usproch op präiswäert Wunne bei gudder Qualitéit géif entgéintkommen.

Dat wéi gesot an engem däitsche Bundesland, wat sécherlech net mat grousse Finanze geseent ass, fir esou Projeten duerchzezéien, esou dass een also…

(Interruption)

Dat ass jo ganz interessant. Vläicht kënnte mer eis jo dann deen och ukucke goen.

(Interruption)

Här President, et schéngt esou ze sinn, dass d'Leit am léifste géifen déi Projete kucke goen, déi méi wäit ewech sinn, ech weess net firwat. Op alle Fall wëllt ech d'Iddi awer hei dann nach eng Kéier widderhuelen, ob ee sech entweder net soll esou e Projet op der Plaz ukucken, oder wann dat net méiglech ass, vläicht einfach emol eng Konferenz zu deem Thema organiséieren, fir ze gesinn, wéi eng Alternativen et do gëtt.

Deen heite Projet hunn ech iwwregens am Katalog vun der Ausstellung vun der Wüstenrotstiftung fonnt, net déi, déi elo amgaangen ass, mä déi virun e puer Joer an der Semaine du logement presentéiert ginn ass, a wou och nach eng ganz Rei aner flott Projeten dra sinn. Dat zum Thema Architektur.

Ech ginn da just nach ganz kuerz op déi Themen an, déi ech an de leschte Kéieren öfters behandelt hunn.

1. D'Kichen. Do hunn ech jo virdru scho monéiert, dass ech beim Ettelbrécker Projet net ganz zefridde wär. Ech gesinn awer, dass et aner Projete gëtt, wou et duerchaus méiglech ass eng aner Approche ze wielen, wou d'lessen op der Plaz gekacht gëtt. Am Elisabetheklinksprojet ginn et Restaurants à thème. Dat kléngt jo wierklech ganz attraktiv. D'Fro stellt sech eben, stellt de Ministère de la Famille do Fuerderungen, wann e seng Konventiounen opsetzt, oder hëlt en dat wat e kritt? An ech géif fannen, dass de Ministère misst Fuerderungen opstellen. Datselwecht gëllt iwwregens och fir d'Energie, wou mer vun der Gaschaudière iwwert d'Cogénératioun bis dann och bei der Elisabetheklinik bis zum Réseau de chaleur urbaine alles fannen. An da stellt sech fir mech d'Fro, och wann et hei ganz positiv Usätz gëtt: Firwat soll een net Kritären opstellen, fir dass méiglechst vill vun deenen Altersheimer dann och esou ekologesch wéi méiglech funktionéieren, an och ebe mat Materialie gebaut oder ëmgebaut ginn, déi Sënn maachen?

Iwwregens och do eng kleng Remarque. Bei engem vun deene Projeten - et ass mengen ech dee vun der Elisabetheklinik - gëtt dann och gesot, dass no de Prescriptioune vum Guide écologique pour la construction et la rénovation des bâtiments publics établie par le Ministère des Travaux publics géif gebaut ginn. Och dat fannen ech ganz positiv. Ech konnt allerdéngs net erausfannen, ob et sech do ëm en neie Guide handelt oder éischter ëm deen alen, deen eng Kéier vum Ökofonds geschafe gi war, an iwwert dee mer schonn a villen Diskussiounen och geschwat haten a gesot hunn, dass deen onbedéngt misst opgefrëscht ginn. Zum Beispill wou mer beim Marchés-publics-Gesetz waren, hu mer do eng Rei vun Iddië gehat, an dass en och misst méi e bindende Charakter kréien.

E leschte Punkt, Här President, betrëfft den Träger vun deenen Altersheimer. Ech hu festgestallt, dass mer hei ee Projet hunn - an ech hu virdru schonn drop higewisen -, deen net onproblematesch ass, vun deem eng Klinik den Träger ass. Bei deenen dräi anere sinn et Kongregatiounen. Do kann ee sech awer mëttlerweil och schonn d'Fro stellen, ob mer net an eng Richtung ginn oder eng Richtung bäibehalen, zu där ee sech zumindest mol kéint kritesch äusseren, well an engem Zäitalter, an deem och zu Lëtzebuerg net méi jidderee kathoulesch ass, an och an der eelerer Bevölkerung wahrscheinlech ëmmer méi Leit wäerte sinn, fir déi dat zoutrëfft, do kënnt jo awer vläicht iergendwann de Punkt, wou de fräie Choix, ob ee sech wëllt an engem laizistesche Kader an en Altersheim zréckzéien oder net, net méi méiglech ass.

Dofir wollt ech d'Madame Familljeministesch froen, ob et eng Statistik gëtt, wéi do d'Verdeelung ass tëschent Träger, déi vläicht e bësse méi onofhängeg sinn a reliéiser Hisiicht, an Träger, déi dann ebe Kongregatioune sinn. Wéi gesot, dat ass e prinzipielle Problem. Et stellt sech jo dann awer och ganz konkret am Alldag de Problem, datt een, wann een eben net mat deem Glawen eens gëtt, deen an deene Kongregatioune vertruede gëtt, dann awer ëmmer erëm domadder konfrontéiert ass.

Et brauch ee schonn nëmmen ze kucken, dass an deene meeschten Zëmmere Kräizer hänken. Do kéint ee vun de Signes ostensibles de religiosité schwätzen. Op alle Fall ass et eng Problematik, mat där mer eis vläicht och mol sollten ausernee setzen. D'autant plus, ech hunn elo vu Laizismus geschwat, mä et gëtt och ëmmer méi Bevölkerungsgruppen zu Lëtzebuerg, déi enger anerer Relioun unhänken an dofir denken ech, wier et wichteg…

(Interruption)

Dat ass richteg, mä ob mer soss nach anerer hunn, dat weess ech net.

Ech géif et eigentlech am sënnvollste fannen, wa mer Altersheimer hätten, wou eben net erëm iwwerall opgedeelt gëtt, mä wou mer kéinten d'Leit zesummen hunn a wou se sech all géife wuel fillen, ob se elo eng Relioun hunn oder net.

Här President, dann nach just och an deem heite Kontext e leschte Punkt. Déi zwou Kliniken, déi ech virdru scho genannt hunn, de Sacré-Coeur an d'Elisabetheklinik, deenen hir Betriber, wann een dat esou ka soen, jo zesummen op de Kierchbierg geplënnert sinn, dat huet och bedéngt, dass do d'Kongregatioun am Fong en neie Betrib iwwerholl huet. Et stellt sech awer dann e bëssen d'Fro hei, wisou dass déi Gebaier, déi elo eidel gi sinn, dann awer ëmmer nach schéngen an der Hand vun deene Kongregatiounen ze sinn. Et hätt mech awer interesséiert ze wëssen, ob déi net dann hätte missen eventuell un de Stat goen oder ob dat esou kloer ass, wéi dat elo hei ofleeft, datt se an der Hand vun de Kongregatioune bleiwen.

Dat gesot, Här President, wollt ech awer nach umierken, datt mer prinzipiell natierlech ëmmer dofir sinn, wann nei Strukturen an dësem Beräich geschafe ginn, well jo grouss Nout hei ëmmer nach herrscht, a mer och dofir wäerte bei deene Projeten eisen Accord ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Mir kommen elo zur gemeinsamer Diskussioun vun de Projets de loi 5219 a 5220 iwwert de Bau vun engem Alters- a Fleegeheem zu Lëtzebuerg. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Delvaux, déi Häre Bettel an Henckes an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 5219, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

4. 5219 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Luxembourg

5220 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de services intégrés de soins pour seniors à Luxembourg

Rapports de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice du projet de loi 5219.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'demographesch Entwécklung, déi eis Gesellschaft kennzeechent, stellt eng enorm Erausfuerderung duer, an dat op allen Niveauen a virun allem um Niveau vum Logement a vum Encadrement vun deenen eelere Leit.

A menger Ried zum Ausbauprojet vum Heeschdrefer Schlass virun engem Joer hat ech schonn ervirgestrach, wéi wichteg et wier, datt d'Politik sech fir d'Rechter vu sengen eelere Bierger asetzt an op hir speziell Besoinen agoe géif. Mir wëssen, datt d'Leit ëmmer méi al ginn. Mir wëssen och, datt ab e gewësse Moment vill eeler Matbierger net méi eleng eens ginn, an och, wa vill Leit kënnen op d'Hëllef an d'Ënnerstëtzung vun hirer Famill rechnen, kann awer net jiddfereen oder wëllt och net jiddferee bei seng Kanner wunne goen. Et ass also wichteg genügend Opfangstrukture fir eeler Leit virzegesinn.

Den 1. Juli 2003 ware 4.500 Better an deene verschiddene Strukturen disponibel fir eng Populatioun vu ronn 63.000 Leit iwwer 65 Joer, wat eng Disponibilitéit vu 7,13% ausmécht. Och wann dësen Taux ee vun deenen héchsten an Europa ass, wäert dat mat der Zäit net duergoen. De Statec geet vun enger Capacitéit vu 5.480, also bal 1.000 Better méi, am Joer 2010 aus. Eis Familljeministerin ass sech dëser Problematik bewosst an hëlt schonn zënter Jore konsequent Moossname fir mat de Besoinen a puncto Logement vun den eelere Leit Schrëtt ze halen. Alleng um Niveau vun de Centres intégrés sinn an deene leschte fënnef Joer aacht nei Projete vun der Chamber gestëmmt ginn, déi et dem Stat erlaben d'Schafung oder den Ëmbau vun esou Strukture matzefinanzéieren.

Mam virleiende Projet gi gläich véier Projeten haut an der Chamber ofgestëmmt mam Objectif nei Opfangstrukture fir eeler Leit ze schafen. Dëst beweist, datt d'Suerg ëm den Drëtten Alter e feste Bestanddeel vun eiser Politik ass. Et ass awer a mengen Aen net nëmme wichteg Opfangstrukturen ze schafen, mä och dofir ze suergen, datt d'Leit, déi an esou eng Struktur kommen, do bleiwe kënnen, wann hiren Zoustand sech géif verschlechteren.

Am Kader vun dësem neie Centre intégré gëtt et eng ganz Rei vu Servicer, déi ugebuede ginn. Et kënnen 119 Leit do opgeholl ginn, egal ob se valid sinn oder op se op eng gréisser Hëllef an e méi intensiven Encadrement ugewise sinn. De virleiende Projet gesäit de Bau vun engem Centre intégré vir an zwar do, wou bis viru kuerzem d'Klinik Sacré-Coeur operationell war, déi zesumme mat anere Kliniken an de grousse Komplex vum Kierchbierg transferéiert gouf.

119 Zëmmere si virgesinn a wäerten op véier Stäck aménagéiert ginn, esou datt de Rez-de-chaussée fir déi öffentlech oder déi gemeinsam Raimlechkeete reservéiert ka ginn, wéi d'Cafeteria, d'Salle polyvalente oder d'Administratioun. Déi 119 Zëmmere sinn op fënnef Unitéite verdeelt. All Unitéit huet eng Salle de séjour, déi mat enger Kitchenette équipéiert ass, esou datt net all Pensionnairë mussen ënnenan an de Restaurant goe fir hir Molzechten anzehuelen. Et ass och gekuckt ginn, datt d'Salles de séjour zentral géife leien. Esou kritt een d'Distanz tëschent de gemeinsame Raimlechkeeten an den individuellen Zëmmere reduzéiert.

Et kann een nach ervirhiewen, datt dës Salles de séjour esou ageriicht ginn, datt d'Leit vun der Vue no baussen an der Luminositéit profitéiere kënnen an zwar duerch sou genannte „bow windows". Et ass och grousse Wäert op den Agencement vun den Zëmmere geluecht ginn, dee sech duerch eng grouss Flexibilitéit kennzeechent a fir e besseren Encadrement besonnesch vun den eelere behënnerte Leit steet. Et kann een d'Zëmmere jee nom Handicap vun de Pensionnairen ariichten, zum Beispill andeem een d'Bett anescht ka stellen. Déi zousätzlech Plaz ass am Kader vun dësem Projet virgesinn.

De Projet leet och vill Wäert op den ekologeschen Aspekt. Et ass opgepasst ginn, fir nëmme mat natierleche Matièren ze schaffen. Ofwaasser a Reewaasser gi gesammelt a separat evakuéiert. Wat d'Ofwaasser aus der Kichen ugeet, ass nach ze bemierken, datt et an eng speziell Anlag, e sou genannte Séparateur de graisse, weidergeleet gëtt, wou dësen Offall traitéiert gëtt, ier en an den externë Réseau kënnt. Am Allgemengen ass virgesinn, den Offall auszesortéieren. Dat si just e puer Punkten, déi ech wollt ervirhiewen. Fir de Rescht verweisen ech op de Projet selwer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Finanzéierung vum Projet ugeet, do dréit de Stat 80% vun de Käschten, wat eng Participatioun vu ronn 19,9 Milliounen Euro ausmécht. De Solde gëtt vun der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen iwwerholl. Dës Participatioun ass vum Regierungsrot op Basis vum Artikel 13 vum ASFT-Gesetz décidéiert ginn. De Projet entsprécht engem urgenten nationale Besoin un Infrastrukture fir eeler Leit an integréiert sech an den nationale Programm. Wéi scho beim Projet iwwert de Centre intégré zu Gréiwemaacher ass och hei en Avenant zur initialer Konventioun, déi den 31. Mäerz 2002 ënnerschriwwe gouf a vum Regierungsrot de 7. Februar 2003 approuvéiert gouf, derbäikomm. Dësen Avenant ass den 10. Dezember 2003 ënnerschriwwe ginn.

Wéi schonn am Kader vum Maacher Projet huet de Statsrot sech och hei perplex gewisen iwwert d'Virgoensweis vun de Parteien, déi am Avenant d'staatlech Participatioun op Basis vun enger anerer Valeur indiciaire festgehalen hunn. De Statsrot ass der Meenung, et misst een de Montant vun der staatlecher Participatioun am Kader vum Artikel 2 deementsprechend reevaluéieren. D'Familljekommissioun, déi dës Approche gedeelt huet, huet doropshi wéi schonn am Kader vum Projet 5218 den Artikel 2 ofgeännert. D'Kommissioun huet och décidéiert en neien Artikel 4 am Projet anzeféiere fir der Bemierkung vum Statsrot iwwer eventuell Schwieregkeeten um Niveau vun den Ofschlossdélaie Rechnung ze droen.

D'Gesetz iwwert d'Marchés publics vum 30. Juni 2003 gesäit vir, datt d'Dauer vum Ofkommen dräi Budgetsexercicen net däerf iwwerschreiden. Or, mir kréien opgrond vun dëser Dispositioun Schwieregkeete wann d'Aarbechten net rechtzäiteg ofgeschloss sinn. Den Artikel 4, deen am initialen Text zougefügt ginn ass, stellt eng Ausnahm zum Gesetz vun 2003 iwwert d'Marchés publics duer andeems e virgesäit, datt d'Aarbechten net brauchen no dräi Exercicen ofgeschloss ze sinn.

Ech hoffen, datt ech net stéieren, déi aner Säit do.

(Interruptions diverses)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojet dréit dozou bäi, den Erausfuerderunge vun der demographescher Evolutioun standzehalen. Ech wëll nach just eng perséinlech Bemierkung maachen. Et ass gewosst an et ass och hei scho vum Här Lucien Weiler ugeschwat ginn, dass mer schonn haut Schwieregkeeten hu fir genügend Fleegepersonal ze fannen. D'Schafung vu Centres intégrés fir eeler Leit stellt nämlech nëmmen en Deel vun enger aktiver Politik vum Drëtten Alter duer, a mir mussen nees méi Schüler a Schülerinne fir Fleegeberuffer kënne motivéieren. Am Numm vun der Familljekommissioun géif ech lech bieden, dëse Projet unzehuelen, deen och den Accord vu menger Fraktioun huet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 5220, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur du projet de loi 5220.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi schléisst sech am Fong geholl de Krees vun enger politescher Décisioun, déi an den 90er Joren, de Joren 1992/93, geholl gouf, an zwar déi fir en Hôpital Kirchberg ze bauen, an doduerch huet sech dës Niewewierkung erginn, déi awer eng agréabel Suite huet a sech domadder begnügt, dass mer haut an hei mat deem Projet, deen d'Madame Ferny Nicklaus-Faber a meng Persoun hei virstellen, 234 nei Better kreéieren, wou Spideeler ëmfonctionnéiert ginn a Structures de longs séjours, eng Démarche, déi d'Madame Jacobs, d'Familljeministerin, scho méi wéi eng Kéier gemaach huet.

Am Ganzen hu mer dat scho fënnefmol an eisem Land fäerdeg bruecht: Beim Sacré-Coeur vun Dikrech, beim St-Joseph vu Wolz, dem Sacré-Coeur hei an der Stad, d'Spidol vu Stengefort a last but not least dann och d'Elisabetherinne-Klinik, wou mer elo hei dann de Projet de loi stëmme fir dës Struktur ze bauen. Am Ganze goufen an deene Joren dann 397 Better oder Plazen de longs séjours kreéiert, wat en appréciabele Chiffer ass, an iwwerhaapt muss ech soen huet d'Madame Minister an deene leschte Joren an dëser Legislatur gutt Aarbecht geleescht. Et goufen net manner wéi 1.698 - 1.698! - Better kreéiert vun 1999 bis 2004. Dat ass remarquabel an dat soll een och emol eng Kéier hei soen.

Et goufen net manner wéi 25 Projeten entaméiert, an d'Madame Nicklaus huet et och scho gesot, aacht Projet-de-loien an 20 Konventioune sinn ënnerschriwwe ginn. Dat beweist also kloer, dass hei eng gutt Politik gemaach ginn ass, an och déi Kritiken, déi kommen, deelweis an der Kommissioun ass gesot ginn, et géif eng Plus-value gemaach gi wa Spideeler ëmfonctionnéiert ginn, an och wat d'Madame Wagener elo gesot huet, ech mengen, déi sollen net gëllen.

Wat hei zielt, dat ass, dass genuch Strukture gebaut gi fir den Drëtten